ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr 2024 vum 5. Mee 2020 iwwert d'Kommunikatioun vun der Regierung huet den Här Staatsminister geschriwwen:

"*D'Regierung huet keng spezifesch Sprooche Politik adoptéiert déi sech bei der Diffusioun vu Messagen während der Krise géif applizéieren a kommunizéiert wéi soss och an deeër Sprooch déi och ausserhalb vu Krisen Zaiten am Respekt vum Sprooche Gesetz, de landesübleche Sproochen an en Fonctioun vum Publikum am beschten adaptéiert ass.*"

Op engem Informatiounsziedel iwwert d'Phase 3 vum Deconfinement, deen Enn Mee un all Stéit verdeelt gouf, sinn d'Informatiounen op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch.

Och gouf bei de reliéise Symboler op en Hiwäis op déi jüddesch Relioun verzicht.

Dowéinst wéilt ech den Här Staatsminister froen:

1. Firwat ass eis Nationalsprooch, déi och eng vun eisen dräi administrative Sproochen ass, net op deem Informatiounsziedel berécksiichtegt ginn?
2. Firwat huet d'Regierung zwar déi muslimesch Relioun an hirer Grafik opgeholl, net awer déi jüddesch?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten